

Lëtzebuerg, de 27. Juli 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit,
biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm
Gesondheitsministesch weiderzeleeden:

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

*„Ech gouf drop opmierksam gemaach, datt de Moment an der
Klinik zu Ettelbréck wesentlech manner "Herzschrittmacher“
gesat géife ginn. Wéi déi al Equipe vun Häerzdokteren am
CHdN aktiv war, goufen awer nach reegelméisseg där
"Schrittmacher" gesat. Lo mussen d'Patienten aus dem Norden
dacks an d'Stad oder op Esch an d'Klinik, wa se sou eng
Operatioun gemaach kréien, well d'Waardezäit zu Ettelbréck
spierbar eropgaangen ass.*

*Virun deem Hannergrond wollt ech d'Madamm
Gesondheitsministesch Follgendes froen:*

- *Ass d'Madamm Minister informéiert iwwer d'Aktivitéite
vum neien Team vun Häerzdokteren am CHdN? Wa jo, wat
ass hiert geneet Aarbechtsfeld?*
- *Stëmmt et, datt spierbar manner "Schrittmacher" zu
Ettelbréck gesat ginn? Wa jo, firwat ass dat esou?*
- *Gëtt nees envisagéiert fir mëttelfristeg méi där Interventiounen
zu Ettelbréck duerchzeféieren?“*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten